Haliniak an Telen ganz uewen

D'Sportfëscher hunn hir Master a Veterane gekréint

Réimech. Laut Beschloss vum internationale Sportfëscherverband (CIPS) gëtt d'Weltmeeschterschaft an Zukunft an zwou Kategorien opgedeelt: d'Master am Alter vu 55 bis 65 Joer an d'Veteranen am Alter vu 65 bis 75 Joer.

Dëser Deeg sinn déi lëtzebuergesch Landesmeeschterschaften no sechs Manchen am Sportfëschen op en Enn gaangen. Bei de Master hate sech 17 Konkurrenten ageschriwwen a bei de Veterane waren et 18 Fëscher.

Gefëscht ginn ass zou Habay-la-Neuve, Messancy, Neufchâteau, Kinneksmaacher an zweemol zou Réimech op der Musel. Et ass traureg, dass mer véiermol mussen an d'Ausland goen, wëll mer hei zou Lëtzebuerg keng Gewässer hunn, fir esou ee Championnat auszedroen. Nach just op der Musel ginn et zwou bis dräi Plazen, wou een 20 bis 30 Fëscher kann an eng Rei sëtzen. Gewonnen huet bei de Master de Marc Haliniak vun Hollerech. Während deene sechs Manchen huet hien am reegelméissegste gefëscht an ass verdéngt Champion vu Lëtzebuerg ginn. Den zukünftege Meeschter huet déi éischt Manche zou Messancy souverän mat 11 370 Gramm gewonnen.

No der zweeter Manche hat de Val Pletgen d'Spëtzt iwwerholl an huet déi och nach no der drëtter Manche verdeedegt. De véierten Duerchgang ass et dunn nees spannend gi, wëll de Marc Haliniak sech erëm un d'Spëtzt gesat huet, mat engem Punkt Virsprong op de Val Pletgen. Déi fënneft an déi sechst Manche huet den Hollerecher dunn näischt méi ubrenne gelooss an ass mat aacht Punkten an 27 970 Gramm souverän Champion vun de Master gi virum Val Pletgen an dem Marc Retter.

Bei de Veteranen huet d'Spannung gehale bis den drëtten Duerchgang. Dunn huet den Allermeeschter Ben Telen sech un Spëtzt gesat an huet déi bis zum Schluss verdeedegt. Déi éischt Manche hat de Guy Wintersdorf säi Kënnen opblëtze gelooss an huet gefouert mat engem Punkt an 13 260 Gramm.

No der zweeter Manche hat de Jean Gonring déi éischt Plaz iwwerholl. Déi drëtt, déi véiert an déi fënneft Manche huet de Ben gewonnen an du stoung scho fréi fest, wien 2018 Champion vu Lëtzebuerg vun de Veterane géing ginn: de Ben Telen virum Henri Tintinger an dem Serge Petro.

Marc Retter via mywort.lu